7.3.1979

Un den Här Jeng Haas
Präsident vun der LLPPD, Sek-
tio'un Schöffleng,
51, Blumenstroos
SCHOFFLENG

Wärten Här Präsident,

Miir hun Ären Zirkular kritt, an dém Diir matdélt, dat Diir é Monument opriicht zu Schöffleng fiir dé Fra'en a Mammen, dé am leschte Weltkrich fiir d'Hémecht, Freihéet a Gerechtegkéet gelidden a gestridden hun.

Miir félicité'eren Iech fiir des gläcklech Initiati a miir wären och fro' wann den Central Comité de Sektio'unen recommandé eren kennt, Är Actio'un finanziell ze ënnerstëtzen.

Anerseits awer hu mir den Zirkular vum Central Comité vun der LPPD vum 12 Oktober 1978, dén d'enrôlés de force an hierer E'er stark ugreift. Ubei Kopie vun desem Zirkular.

Mir bieden Iech Är Stellungnahm zum Inhalt vun desem Zirkular bis spé'destens den 16. März un d'Adress vun onsem Präsident zo'kommen ze lossen. An der Assemblée Générale extraordinaire vum 17. März stét esoewuel desen Zirkular wé och Är Invitatio'un un ons Sektio'unen sech un Ärer Entreprise finanziell ze bedélegen zur Diskussio'un. Mir fügen als Confirmatio'un Kopie vun der Invitatio'un un des Assemblée Générale bei.

Mir hoffen op eng genschteg Entwert Ärer Seits, well, hu mir am Krich dann net all un engem Strank gezunn an kann et haut dann net d'selwescht sinn?

Miir héere gären geschwënn vun Iech an entbidden Iech, mat eise beschte Complimenten, schéen bonjouren.

Fir den Central Comité

de Präsident
Jos Weirich
40, Av.G.D.Charlotte
DUDELANGE

Bei hirem Resistenzakt ass ett em t'Sin oder nett mé Sin vun der ganzer Familjen gangen. t'Sippenhaft matt all hiren Schikanen wor hinnen u'gedrot gin falls sie erwöscht géwen. Wéivill Liewen an Arbechtskraaft hun sie durch hiren daperen Asaatz eiser Hémecht erhaalen?

Dem "Deserteur" an dem "Réfractaire" gett desen "Titre" zouerkannt. Déi mäischt Jongen verziichten ower, well en désen Resistenzler, déi hinnen t'Desertioun iwer=hapt meglech gemat hun, nett zoerkannt gett.

Wär ett nett och un E'rer Associatioun, fir "t'Croix de la Résistance" unzefroen fir déi Jongen, déi zou Sonneburg an op aneren Plaatzen vun de preiseschen Mäierder erschoss gin sin? Konnten sie mé wéi hirt t'Liewen fir eis Hémecht hirgin?

Un Iech Här Präsident, un E'rer A.G. extraordinaire ze entschéiden op meng Entwert gënschteg ausgefall ass oder och nett. Ech wär ower frou, wann mei Bréf an E'rer A.G.extr. verlies géw, datt jidfer Delegéerten an voller Verantwortung entschéiden kann. Ech werd E'ren Vote, gleich wéi hien ausfällt, ze respektéren wössen.

Ech mengerseits sin den bliwen den ech am Krich wor. Meng Fra an ech sin fest entschloss, sollt ett nach eng Kéer zou eisen Liewzeiten zou irgend enger Besetzung vun eiser Hémecht kommen, an trotz eiser Erfahrung déi mir no dem Krich gemat hun, nett zou ze lossen, datt eis Jugend, gént hiren Wöllen, an enger feindlecher Uniform geschluecht soll gin.

Matt de beschten Gréss,

J.-P. Haas

Jäng HAAS
51, Blummenstross
Schöffleng